

Här Bëschof,

Op Grond vun der Entrevue vum 18. März 1976 presentéiert de GAG Iech heimmadden dee gewënschten Themekatalog fir dat geplangten Gesprëich mat der Redaktioun vum L.W.:

1) Wellech as d'Positioun vum L.W vis-à-vis vun der Jugendpor a vun onkonventionellen Liewensformen an der Kiirch ? Mir hun nämlech d'Impressioun, dass an der Redaktioun vum L.W. falsch Viirstellungen bestin, déi mer gären aus dem Wee raume géifen.

2) No welleche Critèren gin am L.W. d'Grenzen vum Pluralismus (op politeschem a religiësem Plang) gesat ? Virwat kann d'L.W. nët man wéi z.B. "La Croix" an all Meenung zu Wuert komme loossen ?

3) Dierf d'L.W. als Kiirchenzeitung sou enk mat enger Partei verbonne sin, wéi et fir de Moment de Fall as ? Virwat muss d'L.W. an déi parteipolitesch Polemik agräifen ?

4) Wéi gesäit d'Redaktioun vum L.W. hiirt Verhältnis zur Lëtzebuenger Kiirch ? Geet dat dur, wat d'L.W. mécht, fir seng Lieserschaft op déi kiirchlech a religiéis Problemer vun der Diözes (och Synod) ze sensibiliséiren ?

5) Wellech Konsequenzen denkt d'L.W. aus der "Déclaration pour la journée diocésaine des migrants du 22.2.1976" ze zöien ?

Mir hoffen, datt mat dësen Themeviirschlei den Dialog mam L.W. e fruchtbaren Ufank fanne kann a waarden op d'Propositioune vun der Redaktioun.

Här Bëschof, mir soen Iech Merci, dass Dir dësen Dialog vermëttelt a waarden op Är Äntwert.

Mat onse beschte Grëiss

GAG

*Dëse Brëif blouf bis haut ouni Resultat. Den Här Bëschof huet ons awer verséichert, datt hien säi Méiglecht gemaacht huet, fir e Gesprëich an de Gank ze bréngen.*